Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.

52, rue Pierre Hamer L- 4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-Mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q.- WTBA – WNBA - EBFU - NBN

Pétange, le 26 août 2021

**CONCERNE : Annulation assemblée générale**

Léif Kolleegen,

zesumme mam CA hu mir decidéiert d'Generalversammlung vum 7.September ze annuléieren.

Mir sinn an enger Situatioun, wou et kee Sënn mécht des ofzehalen, well mir einfach misste ronderëm den Bräi schwätzen, eppes wat mir absolut wëlle maachen. Mir wëllen absolut de Veräiner credibel an definitiv Decisioune matdeelen!

An enger Mail vu Spellmann goufen mir op September vertréischt. An och wann mir e Plang A an e Plang B hunn, wëlle mir mat Iech dat virstelle wat dann herno ass.

Mir hunn decidéiert Enn September definitiv Decisiounen ze huelen, déi mir da mat Iech zesummen diskutéiere wäerten.

De Plang deen publizéiert gouf, ass leider och net méi ganz anzehalen, sou dass mir Iech en neie präsentéiere mussen an och nei Léisungen op verschidde Problemer.

Egal wéi hunn mir decidéiert, dass d'Coupe, soufern Péiteng net steet, op neutrale Bunne ka gespillt ginn, wann och mat gewëssen Aschränkungen. Zudeem hunn mir och definitiv decidéiert, dass d'Nationaldivisioun hiren éischte Spilldag ab November ausdroen kann.

Mir hoffen, dass dir Versteesdemech hutt fir des Ofso an Ufank Oktober maache mir eng definitiv Versammlung. Well awer nach net kloer ass, ob des zu Péiteng kann stattfannen, wäerte mir do méi Genaues nach kommunizéieren.

Fir weider Froen stinn ech Iech selbstverständlech zur Verfügung.

Mat de beschte Gréiss

ANDRE Sacha (Président TKS)